N°2461
Entrée le 09.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Gemeinsam Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, an der Madame Justizministesch Elisabeth Margue, op d'parlamentaresch Fro n° 2461 vum 16. Juni 2025 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Utilisation de la technologie Palantir par les autorités luxembourgeoises".**

**Gëtt dës Software och vu Lëtzebuergeschen Autoritéiten, wéi der Police oder der Justiz, genotzt? Hunn lëtzebuergesch Verwaltungen Servicer vun der Firma Palantir genotzt?**

D'Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n° 618 vum 16. Abrëll 2024 an n° 2420 vum 5. Juni 2025 hu scho präziséiert, dass d'Moyenen, déi d'Police däerf bei de judiciairen Enquêten an Instruktiounen asetzen an d'Prozeduren, déi dobäi mussen agehale ginn, am Artikel 88-1 vum Code de procédure pénale (CPP) gereegelt sinn.

Den CPP gesäit näischt iwwert d'Origine vun de Moyene vir. Wann et noutwendeg ass am Kader vun hire Missiounen notzt d'Police och net-lëtzebuergesch Softwaren.

Aus sécherheetsrelevanten an ermëttlungstechnesche Grënn kënne keng Informatioune betreffend d'technesch Equipementer oder Softwaren, publizéiert ginn.

Lëtzebuerg, den 9. Juli 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon GLODEN